EnnMeeting Minutes 2018/04

Date	30/04/2018
Time	21:00
Location	ChaosStuff

Agenda

- Server Management Fantawams
- abuse mail handling Fantawams
- Feedback CryptoParty Chrescht
- Feedback VDL Fantawams
- Neien Design Spendendous orimpe
- Tor T-shirts virii

Minutes

server management

Mir organiséieren eis e BackUp vir den Server Management.

abuse mail handling

Dat ass elo gekläert.

Feedback CryptoParty

Dat war nach gefeelt huet waren Google- an Browseralternativen wei Cypherpunks LU.

Feedback VDL

Mir hunn haut bei der VDl ënnerschriwwen, dass et eis gëtt. Den Cheferot muss awer och nach engkeier säin Accord ginn vir, dass mir och offiziell ugeholl sinn.

Eisen siège social ass zu Zäit an der Victor Hugo Hall, sou wei beim C3L.Et kann awer ënner Emstänn dozou kommen, dass mir mussen eisen siège social wiesselen. Mir ännere et ob der Websäit ob eis BPM-adress em. Zousätzlech ginn mir nëmmen nach Kontaktadressen un.

Mir kréien nach Badgen vir Dauerzougang zu eisen Säll. Et kann awer sinn dass déi just vun 06:00 bis 22.00 fräigeschalt sinn. Vir Besonneg Uläss kenne mir se och nach vir aner Zäiten fräischalten loossen.

Et dierf näischt ob den Dieren päschen an mir ginn der VDL nach e méi genaut Schëld vir ënnen an

der gliesener Dier. Mir kennen beim service de sécurité en Feierläscher ufroen, den si och all Joers kontrolléieren an ënnerhalen.

Vir Grengprojeten kenne mir beim service des parcs eis mellen.

Alles wat Maschinerie ugeet, sollten mir am beschten och beim service de sécurité nofroen, éier mir se eis uschafen.

Neien Design Spendendous

Den orimpe wollt nei Spendendousen maachen.Hien wollt mat manner Text an mei mat Logoen schaffen.1 Dous kascht 15€.Mir warden nach bis Änn Mee ob den neien Logo, sollt bis dohin keen neit logo dosinn, schaffen mir matb dem aalen vir di nei Spendendousen.

Tor T-shirts

Vir e puer Suen, vir eisen grousen Projet ze financeieren, kucken mir vir e puer nei Tor T-shirts, mat egenem Design, zoulehen.Eppes mat eisem Logo wier och net schlecht. Mir geifen die nei T-shoirten och an meie enger grousser Steckzuel kaafen.

From:
http://wiki.enn.lu/ - **Frënn vun der Ënn A.S.B.L.**

Permanent link:
http://wiki.enn.lu/doku.php?id=ennmeeting:2018-04

Last update: **2018/04/30 22:41**